N° 7007
Entrée le 18.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7007 vum 18. Oktober 2022 vum honorabelen Députéierte Fernand Kartheiser

Déi verschidden national Acteuren tausche sech reegelméisseg am Koordinéierungsrupp fir d'Lutte géint den Terrorismus aus. Hei gëtt virun allem d'Lag vun der Bedrohung am Beräich Terrorisumus a gewaltbereeten Extremismums analyséiert. An deem Kontext ginn och Initiativen a Moosnamen am präventive Beräich vun der Radikaliséierung thematiséiert.

D'Präventioun vum Terrorismus a gewaltbereeten Extremismus ass eng vun de Missionen, déi am Artikel 3 vum ofgeännerte Geheimdéngschtgesetz vum 5. Juli 2016 festgehaale sinn. Dem Geheimdéngscht (SRE) seng Aufgab besteet doranner, d'Bedrohungen vun der nationaler Sécherheet fréizäiteg z'erkennen, éier si sech materialiséieren. Zu dëser präventiver Aarbecht vum SRE gehéieren och Sensibilistiounscampagnen zum Thema Radikalisatioun an den ënnerschiddleche Radikalisatiounsprozesser, déi zu gewaltbereetem Extremismus oder terroristeschen Aktivitéite kënne féieren. Dës Sensibilisatioun soll et aneren nationalen Acteuren erméiglechen, sech an enger antizipativer Approche am Sënn vun der Sécherheet vu Lëtzebuerg mat anzesetzen.

D'Police Judiciaire mécht sporadesch Sensibilisatiounsaarbecht a Form vu Presentatiounen fir staatlech Acteuren, beispillsweis iwwert aktuell Phänomener. Déi Aktivitéiten ginn ausschliisslech vu Membere vun der Section anti-terroriste (SAT) vun der Police Judiciaire duerchgefouert.

D'Police iwwerwaacht weder politesch Aktivitéiten vu Parteien nach déi vu Politiker.

Präventiv Aktivitéiten, déi hei opgelëscht sinn, esouwuel d'Formatiounen wei och d'Sensibiliséierungsaarbecht, ginn exklusiv duerch Spezialiste vun der SAT an der Matière traitéiert.

Lëtzebuerg, den 18. November 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL